LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse

Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2024

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours de S.A.R. le Grand-Duc

Här Chamberpresident,

Här Premier Minister,

Léif Éieregäscht,

Léif Matbierger,

De 6. Juni waren et 80 Joer säit der Landung vun den Alliéierten an der Normandie. Dat war en entscheedenden Ament. En huet den Zesummebroch vum Nazi-Regime ageleet.

Honnertdausenden Zaldoten, dorënner och Lëtzebuerger, waren deemools bereet hiert Liewen op d'Spill ze setze fir eis Fräiheet. Vill vun hinne sinn net erëm komm. Si ware bereet dee Risiko op sech ze huelen, well e Liewen ouni Fräiheet kee Liewen ass.

Laang hate mir Fridden an Europa, bis de President Putin d'Ukrain militäresch agresséiert huet.

Bei dësem Konflikt geet et ëm eis Grondwäerter, déi mer zënter dem Enn vum Zweete Weltkrich verankert hunn: Demokratie, Rechtsstaat an Integritéit vun eise Staatsgrenzen, an dofir sti mir voll hanner der Ukrain.

Och an aneren Deeler vun der Welt ginn d'Grondwäerter op déi schlëmmste Manéier mat Féiss getrëppelt, sief et am Noen Osten oder an Deeler vun Afrika. An dat ëmmer erëm op d'Käschte vun der Zivilbevëlkerung, déi groussem Leed ausgesat ass.

Léif alleguer,

Den 9. Juni hu mir en neit europäescht Parlament gewielt. D'Grënner vun der Europäescher Unioun haten en Dram vu Fridden. Si hunn doraus eng Ambitioun gemaach, eis national Strukturen deelweis an eng supranational Entitéit z'integréieren. Fir Si konnt nëmmen eng enk Kooperatioun tëscht eise Länner weider Konflikter verhënneren.

A Si hate Recht. Entgéint allem, wat d'Populisten an d'Nationaliste behaapten. D'EU bleift, haut méi wie jee, de Garant vun eise Fräiheeten, eiser Sécherheet an eisem Wuelstand.

Léif Leit,

Eis Welt ass komplizéiert an einfach Äntwerte ginn et keng.

De Klimawandel erfuerdert konsequent an entscheedend Handlungen. Sozial a wirtschaftlech Ongläichheete verlaangen no inklusiven a gerechte Mesüren. Sécherheet, souwuel intern wéi extern, bedéngt eng richteg Zesummenaarbecht tëscht de Memberstaaten.

Léif Matbierger,

Trotz all deenen Erausfuerderunge bleift d'Lëtzebuerger Demokratie lieweg a berout op stabillen Institutiounen.

Eis Wirtschaft weist Unzeeche vun Erhuelung. Mir investéiere weider an d'Innovatioun, fir nohaltege Wuesstem. Initiative fir eis jonk Generatioune virzebereeden sinn essentiel fir eis Zukunft.

Lëtzebuerg war ëmmer en oppent Land. Eis kulturell Diversitéit ass en onschätzbare Räichtum. Nëmmen all zesumme kënne mir d'Erausfuerderungen iwwerwannen an d'Chancen notzen, déi sech äis bidden.

Loosst mech hei jidderengem Merci soen, Lëtzebuerger an net Lëtzebuerger, deen dozou bäidréit.

Léif Leit,

An der leschter Stroph vun der Heemecht schreift de Michel Lentz:

„Du hues ons all als Kanner schonn, de fräie Geescht jo ginn".

Besser kann een et net soen.

Ech gleewen un de Mënsch, u säi fräie Geescht, u seng Capacitéit sech ëmmer erëm nei ze erfannen, un eis jonk Generatioun.

Loosst äis mat Vertrauen an d'Zukunft kucken, mam Wëssen datt mir nëmmen zesumme grouss Saache kënnen erreechen. Dat gëllt fir Lëtzebuerg a fir Europa.

Zesumme matt der Grande-Duchesse wënschen ech Iech all e schéinen Nationalfeierdag.

Vive Lëtzebuerg!

Vive Europa !